association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2020

Léif Memberen,

Den 23.6.20 hu mer de MENJE drop opmierksam gemaach, datt vill Memberen vun der Schoulgemeinschaft extrem veronséchert sinn an et dringend néideg wier, hinne schnellst méiglech eng detailléiert a wëssenschaftlech fundéiert Argumentatioun, am beschten vum Gesondheetsministère an/oder dem LIH, ze ginn. Doriwwer eraus wier et och wichteg, op déi psychologesch Aspekter anzegoen. Bis haut krute mir keng Äntwert.

E Mëttwoch op der Pressekonferenz vun der Gesondheetsministesch wier iwwerhaapt näischt zum Secondaire gesot ginn, wa net Journalisten nogehaakt a spezifesch Froe gestallt hätten. Laut dem Direkter vun der Santé si Jugendlecher wéi Erwuessener, a net wéi Kanner, ze betruechten, wat d'Rezeptorenzuel an domat den Ustiechungsrisiko ugeet. D'Gesondheetsministesch huet allerdéngs gesot, op Grond vun der Simulatioun, déi gemaach gouf, wieren déi zwou Wochen, wou d'Gruppen elo zesummegeluecht sinn, op alle Fall net bedenklech. Di Simulatioun war awer néirens ze fannen.
Fir eis ass net nozevollzéien, firwat d'Simulatioun vun der Covid-19 task force nach ëmmer verstoppt gëtt a mir se just iwwer d'parlamentaresch Fro vun der Madamm Hansen vun e Freideg ze gesi kruten. Dat ënnergrueft d'Vertrauen vun de Leit, a besonnesch vun eise Memberen, an d'Regierung. Dobäi kënnt, datt just de "Schulbetrieb in ungeteilten Klassen mit Social Distancing und Contact Tracing (70% Effizienz)" simuléiert gouf, wat awer net dat ass wat d'Regierung elo ëmsetzt! Och geet d'Simulatioun vun enger mëttlerer Klassegréisst vun 13,3 Schüler aus. Déi ass am Secondaire awer a ganz ville Fäll vill méi héich. Wéi kommen dann den Educatiounsminister an d'Gesondheetsministesch dozou ze behaapten, de Modell géif weisen, datt déi zwou Wochen kee Risiko géifen duerstellen? Wann d'Regierung aner Informatiounen huet, déi dës Konklusioun justifiéieren, wier et da net méi wéi selbstverständlech, datt een dem Land déi géif zur Verfügung stellen?
Haut huet den Här Minister a senger Äntwert op eng weider Fro vun der Madamm Hansen esou Informatioune geliwwert, mä alt erëm nëmmen als Äntwert op eng parlamentaresch Fro, an da stellt een nach fest, datt vun 8 Hyperlinken der 5 net funktionéieren. Dee leschte Link ass äusserst liesenswäert. Mir fuerderen säit enger Woch, datt esou wichteg Informatiounen endlech der Ëffentlechkeet matgedeelt ginn.

Eis Ëmfro huet mat enger Rekordbedeelegung vun 53% kloer gewisen, datt d'Thema Iech um Häerz läit.
Déi 3 Froen, déi mer spezifesch zum Zesummeleeën gestalt haten, waren déi heiten:

1. Ab dem 29. Juni kommen d'A- a B-Gruppen nees zesummen. Et besteet keng Maskeflicht méi an de Couloiren an d'Droen vun der Mask am Klassesall ass nach ëmmer fakultativ bei duebelem Effectif. Fillt Dir Iech sécher fir d'nächst Woch an de Lycée schaffen ze goen?

Dorop hu 16% mat Jo a 84% mat Nee geäntwert.

2. Falls Dir Ängschten an/oder Bedenken hutt, wéi eng sinn dat?

Do hunn 58% geäntwert.
D'Haaptängschten a Bedenken sinn:

a. Den erhéichte Gesondheetsrisiko fir d'Schoulgemeinschaft, hier Familljen an domat d'ganz Land. De Patron muss dem Staatsbeamte seng Gesondheet schützen.
b. Mir gi fir en Experiment mëssbraucht.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

c. D'Droe vun de Masken ass net méi obligatoresch an kann och net méi vum Enseignant imposéiert ginn.
d. D'pedagogesch Plus-value gëtt allgemeng als inexistent betruecht. A Kombinatioun mam méi héije Gesondheetsrisiko an der Tatsaach, datt d'Enseignanten déi lescht Méint sech mat extremem Asaz engagéiert hunn, stellt sech d'Fro, firwat elo erëm déi kuerzfristeg Ännerungen an och firwat d'Schouljoer bis de 17. anstatt de 15. Juli geet.
e. D'organisatoresch Ëmstellungen.
f. D'Onfairness vis-à-vis vun der Hallschent vun de Schüler, déi eng Woch manner Zäit hunn fir sech op d'Prüfung virzebereeden, déi jo elo zesumme statt fënnt.
g. Risiko am ëffentlechen Transport, deen elo vun duebel sou vill Schüler benotzt gëtt.

3. Wëllt Dir, datt d'APESS e Communiqué verëffentlecht an deem d'Bedenken an d'Ängschten vun den Enseignanten ugeschnidde ginn?

Do hu 84% mat Jo, 9% mat Nee a 7% net geäntwert.

Gëschter hu mir un enger weiderer Videokonferenz mam Educatiounsminister deel geholl. Do hu mir genau dat kloer kommunizéiert wat mer hei beschriwwen hunn.
Zu eisem Erstaunen kruten mir e puer Mol erkläert, dat eenzegt wat sech geännert hätt wär d'Zesummeleeën vun den A/B-Gruppen. Maskeflicht hätt et och virdru net ginn an un de sanitäre Mesuren hätt sech absolut näischt geännert. Dat steet am Widdersproch zu de verschiddene "Recommandations sanitaires" vun der Regierung, déi mir alleguerten iwwert eis Direktioune gemailt kruten. An der Recommandatioun vum 11.6.20 liest een do ënnert der Rubrik "Les gestes barrières à adopter par le personnel, les enseignants et les élèves": "Si une distance de deux mètres ne peut pas être respectée, **le port d'un masque** ou de tout autre dispositif permettant de recouvrir efficacement le nez et la bouche **est obligatoire** à partir de 6 ans." An der Recommandatioun vum 22.6.20 steet dogéint: "**Le port d'un masque** ou de tout autre dispositif permettant de recouvrir efficacement le nez et la bouche **est recommandé**". Wéi kann et sinn, datt d'Regierung eendeiteg d'sanitär Moossnamen ännert a mir vum Educatiounsminister gesot kréien, dat wier guer net de Fall? Donieft huet den Här Minister a senger Äntwert op der Madamm Hansen hier parlamentaresch Fro vum 22.6.20 geschriwwen:
"Den Edukatiounsministère huet sech an Zesummenaarbecht mam Gesondheetsministère eng kohärent Strategie ginn am Bekämpfen vum Covid-19. Dës Strategie besteet aus 6 Elementer:

1. Schutz vun de vulnérabelen Populatiounen,
2. Adaptatioun vun de Schoulgebaier,
3. Aféieren vun zousätzlechen Hygienesreegelen,
4. Notze vun Schutzmaterial fir zousätzlech Barrièren ze schafen (Masken, Plexiglas-Panneauxen etc...),
5. Organiséieren vu feste Gruppen, déi sech net vermëschen (sozial Clusteren),
6. Halbéieren vun de Klassegréissten.

Mat der Decisioun vun der Regierung fir den Enseignement en alternance ofzeschafen, gëtt just de 6. Punkt vun dëser Strategie opgehuewen. All aner Elementer vun der Strategie bleiwe bestoen."
De Punkt 3 bleift wuel bestoen, allerdéngs a staark ofgeschwächter Form, wéi den Här Minister et jo selwer den 19.6.20 hei geschriwwen huet! D'Simulatiounen vun der Covid-19 task force weisen awer ganz kloer, datt grad de Punkt 3 vun entscheedender Bedeitung ass. Wéi een do behaapte kann, ausser dem Zesummeleeën hätt sech näischt geännert kënne mir net novollzéien.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Doriwwer eraus sinn d'Infektiounszuelen an de leschten Deeg dramatesch geklommen, sou datt d'Kolleegen nach méi doriwwer entsat sinn, datt d'Gruppen A/B elo zesummegeluecht an d'sanitär Restriktioune gelackert goufen.

D'Informatiounspolitik vun der Regierung dréit an eisen An entscheedend zu den Ängschten a Bedenken vun der gesamter Schoulgemeinschaft, an doriwwer eraus, bäi a misst dringend signifikant verbessert ginn. Entweder et huet een eng fundéiert wëssenschaftlech Basis, op Grond vun där een d'Zesummeleeën vun den A/B-Gruppen, a virun allem d'Lockerung vun de Mesures sanitaires an de Schoulen, justifiéiere kann, da publizéiert een se, oder et huet een se net. Eppes geet aus eiser Ëmfro ganz kloer ervir: d'Mësstrauen vun eise Memberen vis-à-vis vun der aktueller Regierungs-, a virun allem hirer Informatiounspolitik, ass rekordverdächteg. Mir mengen net, datt dat eng gutt Situatioun fir d'ëffentlech Schoul oder d'Land ass.

Den Owend hu mir mat Freed e Mail vum Educatiounsministère mam Sujet "Aktuell Fakten zum COVID-19 am Kontext vun der Schoul" kritt. Dee geet a Richtung vun deem, wat mer gëschter nach eng Kéier gefuerdert haten. Mir wiere frou, wann och an Zukunft wëssenschaftlech fundéiert Informatiounen a Simulatiounen géifen der Schoulgemeinschaft schnellst méiglech zur Verfügung gestallt ginn.

Aus der Simulatioun vun der Covid-19 task force ergëtt sech eendeiteg d'Wichtegkeet vum Social Distancing a Contact Tracing. Vu datt d'Regierung decidéiert huet, de Social Distancing just nach ze recommandéieren hänkt deen Aspekt elo vun all Eenzelen of. Mir géifen et begréissen, wann all Direktiounen géifen d'Approche vu verschiddene Gebaier iwwerhuelen an déi al Mesures sanitaires, d.h. Port de masque obligatoire wann den Ofstand vun zwee Meter net kann agehale ginn, weider applizéieren.

De Contact Tracing ka just funktionéieren, wann d'Leit sech och effektiv teste loossen. Dat ass bis ewell awer manifestement net de Fall. Laut der Gesondheetsministesch gi just 20% vun de Leit, déi invitéiert ginn, sech teste loossen. Dofir recommandéiere mir sech testen ze loossen. A mir sollten eise Schüler erklären, firwat dat wichteg ass.

An der Videokonferenz vu gëschter gouf och gesot, datt d'Enseignanten sech kënne mellen fir an der Vakanz Schüler Nohëllef ze ginn. Dëst op fräiwëlleger Basis an als Iwwerstonnen bezuelt. Mir hunn drop opmierksam gemaach, datt eis Iwwerstonnen nach ëmmer signifikant méi schlecht bezuelt ginn wéi normal Stonnen a gefrot, op géif eng Ëmfro bei den Enseignanten, Schüler an Eltere gemaach ginn, fir d'Besoinen fest ze stellen. Mir krute gesot, d'Zuel vun den Dechargen fir d'Schoulen géif ëm 20% erop gesat an d'Enseignanten sollten decidéieren, wéi eng Schüler Nohëllef bräichten. De MENJE wäert de Schoulen detailléiert Informatiounen zoukomme loossen.

Bescht Gréiss vum Exekutivcomité

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426